# Loosst äre Wues wuessen an hëlleft eise Bestëbser!




## Wéi kann ech matmaachen?

Sticker

Op ärer Gemeng oder direkt iwwert de SIAS kritt dir e Sticker, deen dir iech op d'Bréifkëscht pechen an sou är Participatioun weise kënnt. Fotoe vun ärem Gaart kënnt dir bei eis ob moien@sias.lu era schécken an sou un engem Gewënnspill deelhuelen. Dir kënnt är Fotoen och gären ob de soziale Medie mam #BlummefirBestëbser deelen.






## Wat sinn d'Spillreegelen?

D'Spillreegelen si ganz einfach: Dir méit net am Mee. Dir musst dobäi net onbedéngt dee ganze Wuess stoe loossen, mee kënnt och just en Deel dervu wuesse loossen.

## A wéi hëllefen ech domat de Bestëbser?

Wann een d'Méimaschinn am Fréijoer méi laang stoe léisst, dann hunn d'Déieren, déi am Buedem oder un de Grashällem iwwerwanteren, eng besser Chance ze iwwerliewen. An der méi spéit geméiter Wiss kënnen sech wëll Kraider usidelen. Eng propper geméite Wiss bitt kee Liewensraum fir eis Insekten, an ass donieft och net un de Klimawandel ugepasst.

Weider Informatiounen:
www.sias.lu/naturschutz/biologische-station/mei-net-am-mee
#BlummefirBestëbser
moien@sias.lu

SICONA
Naturschutzsyndikat